LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 220 vun den honorabelen Deputéierte Sven Clement a Marc Goergen zum Sujet "Service "Téléalarme""**

**Froen 1 an 2**

An de Joren 2022 an 2023 hat de CGDIS 3.680 Asätz am Zesummenhang mat engem "Téléalarme". Ronn d'Hallschent vun deenen Asätz ware wärend de Nuetsstonnen, d.h. tëschent 22 a 6 Auer. Dëst ass am Verhältnis zum normalen Asazopkomme vum CGDIS eng signifikant méi héich Frequenz, well nëmmen 18% vun allen Asätz an där Periode stattfannen. Deemno gëtt de Rettungsdéngscht wéinst dem "Téléalarme" an den Nuetsstonnen däitlech méi oft sollicitéiert wéi daagsiwwer.

Vun deenen 3.680 Asätz sinn der 164 (4%) un de *Médecin de garde* weidergeleet ginn, déi aner si vum CGDIS en Charge geholl ginn. Fir de CGDIS sinn dëst ronn 3% vu sengen Ambulanz-Asätz op d'Joer gekuckt.

An 1.292 Fäll (35%) huet de Patient net missten matgeholl ginn, wat a priori eng Indikatioun dofir ass, datt den Appell vun de Noutdéngschter am Fong net indikéiert war.

Déi uewe genannten Zuelen decke sech mat enger detailléierter Statistik, déi de CGDIS 2021 zesumme mat den 3 nationale Bedreiwer vum "Téléalarme" erstallt hat. Et ass deemools festgestallt ginn, datt bei deenen Asätz, wou de Patient net huet missten transportéiert ginn, der ronn 2/3 waren, wou de CGDIS *par Carence* gefuer ass, well keen aneren disponibel war. Ronn 74% vun dëse Carence-Asätz hu wärend den Nuetsstonnen (22-6 Auer) stattfonnt, wat e signifikanten Ënnerscheed par Rapport zu daagsiwwer ass, wou d'Services de soins à domicile souwisou reegelméisseg bei d'Leit fueren.

De CGDIS stellt d'Rechnung direkt un déi Persoun aus, déi se transportéiert huet. Gouf de Patient net matgeholl, gëtt och keng Rechnung geschriwwen.

**Fro 3**

Am Kader vun der Autonomie an dem Maintien à domicile zu Lëtzebuerg spillen d'Servicer vum "Téléalarme" an déi mobil Hëllefs-a Fleegedéngschter eng wichteg Roll. Aktuell ginn et 3 Bedreiwer vum "Téléalarme" an 18 verschidden mobil Hëllefs- a Fleegedéngschter.

Laut den Dispositioune vum Gesetz vum 23. August 2023 iwwert d'Qualitéit fir d'Servicer fir eeler Leit, dat den 1. Mäerz 2024 a Kraaft trëtt, garantéiert ee "Service Téléalarme" 24h/24h ee Kommunikatiounsservice. Laut dem Artikel 18 vun dësem Gesetz, sinn d'Hëllefs- a Fleegedéngschter minimum 14 Stonnen den Dag operationell an prestéieren 24h/24h am Kader vun der Prise en charge vu Situatiounen um Enn vum Liewen.

D'Gesetz iwwert d'Qualitéit vun de Servicer fir eeler Leit definéiert och d'Modalitéiten fir d'Zesummenaarbecht tëschent de Servicer vum "Téléalarme" an dem CGDIS an sengem Artikel 81, dëst och fir zësummen ze bestëmmen, wéini eng Interventioun vum CGDIS néideg ass.

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN